N° 5785
Reçue le 21.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.02.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 21. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden:

Beim CGDIS musse reegelméisseg eenzel Gefierer, Materialien an aner Utensilien wéinst Alter a Verschläiss ausrangéiert an ersat ginn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi geet hei de CGDIS vir, opgeschlësselt no den eenzele Kategorien ewéi Gefierer, Materialien an aner Utensilien ?
2. Wéi gëtt dat ausrangéiert Material entsuergt?
3. Wär et net sënnvoll, déi eenzel Schaffutensilien, déi d'Gemengen, nach virum Schafe vum CGDIS kaaft haten, am Fall wou se vum CGDIS ausrangéiert ginn, nees zréck un d'Gemenge ginn?
4. Eenzel Zentere kréien aus Übungszwecker ausrangéiert Autoen zur Verfügung gestallt. Hei ass d'Handhabung awer esou komplizéiert, datt eenzel Zentren dorobber verzichten. Wär hei net eng méi einfach Handhabung méi sënnvoll? Kënnt dobäi datt ausrangéiert Gefierer nëmme vun enger bestëmmter Firma entsuergt däerfe ginn, firwat ass dat esou?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten